



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON op d'parlamentaresch
Fro n°7357 vum 12. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierten Sven
CLEMMENT iwwer d'Kontrolle vun de Jugendschutzdossieren**

- 1. Zënter 2010 an opgelëscht pro Joer, a wéi ville Fäll goufen dës Kontrollen no dräi Joer net gemaach?**
- 2. Wat sinn d'Grënn dofir, dass dës Kontrollen net ewéi vum Gesetz virgesinn, gemaach goufen?**

Et sief drop higewisen, dass e Jugendschutzdossier net nëmme Kanner betrëfft, déi an eng Institutioun placéiert gi sinn, an dass déi triennial Kontroll net ausschliisslech fir dës Placementen gëllt.

Dës Iwwerpréiwung gëtt gemaach wann en Urteel eng Moosnam unuerdent, déi de Suivi vun der Situatioun vum Kand implizéiert, sou wéi e Placement, e Maintien vum Kand a séngem familiären Ëmfeld ënner Oplagen oder eng Assistance éducative.

Aktuell geréiert d'Jugendgeriicht vu Lëtzebuerg déi triennial Révisioun vu ronn 1.668 Mannerjäreger. Beim Jugendgeriicht vun Dikrech handelt et séch ëm 473 Mannerjäreger. D'Ventiléierung vun dësen Zuelen presentéiert séch folgendermoossen :

	Jugendgeriicht Lëtzebuerg	Jugendgeriicht Dikrech
Maintien am familiäre Milieu (ënner Oplagen an/oder mat enger Assistance éducative)	939 Mannerjäreger	300 Mannerjäreger
Placement an enger Fleegefamill	179	58
Placement bei engem Familljemember	209	68
Placement an enger Institutioun	341	47

Je no Mesure déi geholl gouf, ginn dës Kontrollen op Basis vu Rapporten vum SCAS, vun engem Service fir Familljeplacementen oder vum concernéierte Foyer duerchgefouert. Déi Dossieren, déi an deem Kader musse kontrolléiert ginn, sinn op enger Lëscht opgezielt, déi vun de Jugendrichter an de Greffiere consultéiert gëtt fir sécher ze goen, dass dës Kontrollen duerchgefouert ginn. Déi betrafte Servicer an Institutiounen ginn dann och vum Jugendgeriicht gefrot, hieren Rapport triennial ofzeginn.



Et gëtt keng Statistike vun den Dossieren an deenen dës Kontroll net gemaach gi wier, wuel bemierkt, dass de Jugendriichter kee rezente Fall an deem dës Kontroll net gemaach gi wier bekannt ass.

Ausserhalb vun dëser triennaler Kontroll gëtt de Placement vun engem Kand, virun allem wann dësen an enger Institutioun ordonnéiert gouf, regelméisseg (mindestens 1 bis 2 mol d'Joer) op Basis vun de Rapporten (vum SCAS, vun de Foyeren, etc.) vun de Jugendriichter réévaluéiert, esou datt eng Kontroll ëmmer garantéiert ass.

3. A Fäll, wou dës Kontroll no dräi Joer net gemaach gouf, wat fir Méiglechkeeten hunn déi biologesch Elteren oder aner Familjememberen, fir esou eng Kontroll an d'Weeër ze leeden?

D'Kand selwer, séng Elteren, Tuteuren, an d'Persounen déi d'Garde vum Kand hunn, kënnen all Joer eng Modifikatioun oder d'Zeréckzéie vun den decidéierte Jugendschutzmesurë beim Jugendgeriicht ufroen (Artikel 37 vum Jugendschutzgesetz vum 10. August 1992).

Bei enger Mesure de garde provisoire kënnen d'Kand, séng Elteren, Tuteuren an d'Persounen déi d'Garde vum Kand hunn zu all Moment eng Demande fir d'Zeréckzéie vun dëser Mesure areechen (Artikel 27 vum Jugendschutzgesetz vum 10. August 1992).

Lëtzebuerg, den 12 Januar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson